N°1787
Entrée le 16.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weiderzeleeden.

An de leschte Wochen waren d'Zeitunge gefëllt mat Lëschte vun der sougenannter "Procédure de dissolution administrative sans liquidation". Dës gouf ënnert anerem agefouert, fir d'Justiz ze entlaaschten.

An dësem Kader stelle mir gäre follgend Froen:

- Wéi vill der Prozeduren goufe säit der Aféierung vum entspriechende Gesetz vum 28. Oktober 2022 a pro Joer lancéiert?
- Wéi vill Dissolutioune gouf et insgesamt? A wat fir Beräicher waren déi betraffe Strukturen aktiv?
- Wéi oft gouf e Recours dogéint ugemellt?
- Wéi oft war de Recours net fondéiert?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Franz Fayot
Deputéierten